ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Lëtzebuerg bedeelegt sech u Projet fir 1. "energetesch Inselen*" deen den 11. Juni um Zitt vun RTL.lu publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg sech un engem Bauprojet vun der dänescher Regierung fir e groussen Offshore-Wandpark bedeelegt. Dëse Projet soll zum Zill vun der sougenannter "Klimaneutralitéit" bis 2050 bäidroen.

Duerfir géif ech dem Här Energieminister gär des Froe stellen:

1) No wéi enge Modalitéite gëtt den Energieverbrauch erfaasst, dee fir d'Konstruktioun vun dësem Projet néideg ass? Gëtt hei just den direkten Energieverbrauch, wéi zum Beispill dee vun de Baumaschinne gemooss, oder och deen, deen am Virfeld bei deenen diverse Liwwerketten, zum Beispill fir den Ofbau an den Transport vun deene benéidegte Rohstoffer entsteet?
2) Gëtt e Bilan gemaach, ab wéini dëse Projet zu enger Nettoreduzéierung vun Zäregasemissioune féiert, dat heescht, datt der méi agespuert gi sinn, wéi der duerch de Bau vum Projet fräigesat goufen? No wéi enge Modalitéite ginn dës Zäregasemissiounen erfaasst? Fléisse just déi mat an, déi direkt beim Bau entstinn oder och déi, déi am Virfeld an deenen diverse Liwwerkette fräigesat ginn? Falls vun Ufank un op sou eng Bilanzéierung vun den Zäregaser sollt verzicht ginn, kann d'Regierung dann elaboréiere, wéi des Decisioun motivéiert ass?
3) Gëtt et eng Etude iwwer den Ëmweltimpakt vun dësem Projet, déi sech net op de klimatologeschen Aspekt, mee déi klassesch Ëmweltschutzfroen, wéi zum Beispill d'Auswierkungen op d'Liewe vun de Fësch an de Mieresvigel bezitt?
4) Gi fir de Bau vun dësem Projet rar Äerde benéidegt? Wa jo, wéi eng an a wéi enge Quantitéiten?
5) Wéi héich ass de finanzielle Montant vun der Lëtzebuerger Bedeelegung? Iwwer wéi een Zäitraum fléissen déi Suen an ënnert wéi engem Budgetsartikel?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten